N°2758
Entrée le 08.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.08.2025
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. August 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an un den Innenminister weiderzeleeden.

A senger Erklärung zur Lag vun der Natioun am Juni 2024, huet de Premierminister ugekënnegt, datt "nach dëst Joer (2024) Bagatellgrenzen bei Baugeneemegungen a bei staatlechen Autorisatiounen" proposéiert géife ginn. Esou soll "een an Zukunft guer keng Autorisatioun méi brauchen, voire just nach eng Notifikatioun maache mussen, fir kleng Aarbechte wéi eng Fënster oder eng kleng Photovoltaikanlag" an doriwwer eraus, géifen "d'Prozedure beim Staat a bei de Gemenge mat neie strikten Délaisen encadréiert" ginn.

Duerch dës Moossnam soll méi schnell gebaut kenne ginn.

Wuel läit an der Tëschenzäit de Gesetzesprojet 8480 an en entspriechende Projet fir e Règlement grand-ducal vir, mee vun der praktescher Uwendung si mir – trotz der Ukënnegung vum Premier, dass de Projet schonn 2024 sollt ëmgesat ginn - nach wäit ewech.

Fäll am Ausland, wéi z. B. an der Wallonie, hu gewisen, dass Bagatellgrenzen bei Baugeneemegunge mat enger ganzer Rei Erausfuerderunge verbonne kënne sinn an esou e Projete just an enker Zesummenaarbecht mat de Gemenge kënnen ëmgesat ginn.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung déi follgend Froe stellen:

- Wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung aus den negativen Erfarungen aus dem Ausland (z.B. an der Wallonie) fir déi national Ëmsetzung vu Bagatellegrenzen?
- Wéi gedenkt d'Regierung déi praktesch Problemer, déi sech bei der Ëmsetzung vun esou engem Projet nom Vott an der Chamber stelle kënnen, am Konsens mat de Gemengen ze léisen?
- Wäert eng breet ugeluechten Informatiounscampagne vum Public d'Ëmsetzung vum Projet begleeden?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Dan Biancalana
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu